



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg den 19. Oktober 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Ekonomieminister weiderzeleeden.

Op Basis vun insgesamt véier Arrêtéen vum 1. August 2022 huet den Här Ekonomieminister d'Modalitéite fir d'Wale vun der Personalverriedung am Verwaltungsrot vun der POST fixéiert. Dës sollen de 25. Oktober 2022 stattfannen. Déi privat Salariéë kënnen véier, d'Mataarbechter déi ënnert dem Statut vum öffentlechen Déngscht agestellt sinn, nëmme méi zwee Stellverrieder an dëse Gremium wielen, nodeems déi entsprechend Mandater bis ewell paritétesch opgedeelt waren. Dës Changementer koumen op Basis vun den aktuelle Personalzuele bei der Post zustanen a sollen dem Prinzip vun der Proportionalitéit Rechnung droen.

Dës Rechnung gëtt vum Syndicat des P&T deen dës Zuelen als verfälscht interpretéiert, allerdéngs ugezweiwelt, well de Prinzip vun der Proportionalitéit tëschent Mataarbechter ënnert dem öffentlechen an dem private Statut bei der POST, esou wéi en am Artikel 24 Paragraph 1 vum Postgesetz vum 10. August 1992 virgesinn ass an och am Accord de médiation vum 2. Juni 2017 festgehale gouf, säit ville Joren net méi respektéiert gëtt. Sou ginn nei Mataarbechter bei der POST, contrairement zu deene lo just genannten Texter, säit Jore quasi ausschliisslech ënnert dem privatrechtleche Statut agestellt, wat zu enger Disproportioun tëschent öffentlechem a privatem Statut beim Personal vun der POST gefouert huet.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Ekonomieminister gär dës dréngend Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister seng allgemeng Positioun zu dëse Virgäng elaboréieren?
- 2) Kann den Här Minister elaboréieren op wéi eng Manéier hien op déi systematesch Verletzung vum uewe genannte Gesetzestext beim Rekrutement vum Personal bei der POST reagéiere wäert?
- 3) Kann den Här Minister elaboréieren, op hien sech d'Fuerderung vum Syndicat des P&T zu eege mécht, fir seng véier Arrêtéen vum 1. August zeréckzezéie fir den Datum vun de genannte Wale vum 25. Oktober ze verréckelen an d'Mandater vun der Personalverriedung am Verwaltungsrot vun der POST zu engem spéideren Zäitpunkt nees paritétesch wéi kënnen ze loossen? Falls net, wéi ass déi Decisioun motivéiert?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten